De Mouvement Ecologique sicht fir direkt:

# E/ENG RESPONSABEL FIR AKTIVITÉITEN A PROJETEN MAT JONKEN A FIR JONKER - CDI

## Fir:

- d'Begleedung vum aktive Jugendgrupp .move
- d'Ënnerstëtzung vu Jonke bei hire Projeten
- Aktivitéiten an de Schoule
- eege Projeten a Bildungsaarbecht
- d'Bedeelegung u Stellungnamen am Interessi vun de Jonken

## Wat Iech erwaart:

- Aarbecht am direkte Kontakt mat engagéierte Jonken am Alter vu 14-26 Joer a mat Verantwortleche vum Mouvement Ecologique
- Organisatioun vun der Jugend- a Bildungsaarbecht vum Mouvement Ecologique
- Konzeptioun an Duerchféierung vu Projeten an Eventer am Beräich vun der Nohaltegkeet
- Virbereedung vu Stellungnamen a Moderatioun vu Versammlungen, Diskussiounsronnen a Workshops

## Dir bréngt mat:

- Groussen Interessi u gesellschaftlechen Entwécklungen am Allgemengen an u Froe vun der Nohaltegkeet am Besonneschen
- Verständnis vun ekologeschen Zesummenhäng wat e.a. Klima- a Naturschutzfroen ubelaangt
- Motivatioun a Freed un der Aarbecht mat jonke Leit an un der Bildungs- a Sensibiliséierungsaarbecht, eng Formatioun am pädagogeschen an/oder ekologesche Beräich gëllt als Virdeel
- Fäegkeet, gruppendynamesch Prozesser ze begleeden, Aktivitéiten ze moderéieren a Jonker aktiv ze motivéieren
- Eegestännegkeet, Asazbereetschaft an e staarkt Verantwortungsgefill
- Sécher Sproochkenntnisser am Lëtzebuergeschen, Däitschen a Franséischen; Engleschkenntnisser si vu Virdeel

## Wat mir bidden:

- E motivéiert an engagéiert Ëmfeld mat vill Raum fir Eegeninitiativ
- Eng flexibel Aarbechtszäitreegelung vun 32 bis 40 Wochestonnen.

***Dir sidd interesséiert? Da gitt Är Kandidatur era bis den 23. Februar 2026 un***

*Mouvement Ecologique asbl - 6, rue Vauban - L-2663 Luxembourg*
*oder per E-mail un: meco@oeko.lu*